

Eng lëtzebuergesch Sitcom

De Fonds national de soutien à la production audiovisuelle, den Nationale Filmfong, huet am Dezember säin 20. Gebuertsdag gefeiert. Dësen Datum war d'Geleeënheet e Bilan ze zéien an nei Iddien ëmzesetzen. Mëttlerweil schaffen eng 500 Leit am audiovisuelle Secteur zu Lëtzebuerg, an de Filmfong huet en Appel d'offres fir d'Realisatioun vun enger Sitcom „made in Luxembourg“ gemaach.

Enn den 1980er Jore war dem Frank Hoffmann a Paul Kieffer hir *low-budget*-Verfilmung vum Roger Manderscheid sengem Roman *Schacko Klak* esou en iwwerraschende Succès, datt den deemolege Kulturminister Robert Krieps proposéiert huet, e Filmfong ze grënnen, mam Zil, jonk Filmcreateuren z'ënnerstëtzen. 1990 war de Fonds national de soutien à la production audiovisuelle, „Fonspa“, gebuer, an an de leschten 20 Joer huet d'Lëtzebuurger Filmindustrie sech, zum groussen Deel dank der finanzieller Ënnerstëtzung vum Fong, enorm entwéckelt a professionaliséiert, wéi d'Decideuren aus dem Secteur gäre betounen. An de „Fonspa“, dee sech fir säin 20. en neie Logo gegënt huet, heescht haut ganz international „Film Fund“.

Déi finanziell Hëllef vum Fund besteet, erënnere mer ganz kuerz drun, aus zwee Voleten: der direkter Ënnerstëtzung, der „aide financière sélective“, an der indirekter Ënnerstëtzung a Form vu „certificats d'investissement audiovisuel“. Eenzel Projete kënnen tëscht 90 000 Euro an enger Millioun Euro accordéiert kréien. Wéi een Dréibuch, wéi ee Filmprojet eligibel ass, analyséiert e Comité de lecture, deen dem Fong seng Recommandatiounen gëtt. Grad hei gëtt et berechtigt, awer onbeäntwert Froen: Wéi ginn d'Membere vum „onofhängege“ Comité de lecture gewielt, wéi eng Intressie verfolge si an no wéi enge Critèrë jugéiere si Dréibicher, déi se dem Fong uschléissend recommandéieren oder net? De

Steierzueler huet e Recht drop, datt seng Steiergelder a wäertvoll Filmprojeten investéiert ginn an net an Naveten, wéi *cq* vum guttklängende Numm Roman Coppola, wéi de Film fantastique *Humains*, oder d'Action-Filmer *George and the Dragon*, oder *Die Räuberinnen*, fir der nëmmen e puer ze nennen.

De Filmfong ass haut besonnesch houfreg op d'Ko produktiounssofkommen, déi mat anere Länner, wéi Frankräich an Däitschland oder Éisträich, ënnerschriwwen goufen.

Bal 400 Koproduktiounen hu vun de Certificats d'investissement profitéiert, an ëm déi 230 vun der direkter finanzieller Hëllef. Lëtzebuerg huet mëttlerweil eng kleng Filmindustrie mat engen 20 aktive Produktiounsfirmer, huet virun allem eng ganz Retsch vun exzellenten Techniker, fir de Moment awer just e Grappvoll Lëtzebuurger Realisateuren an Acteuren.

Datt d'Politik et eescht mat der Filmindustrie mengt, beweist d'Creatioun vum Lëtzebuurger Filmpräis 2003, deen all zwee Joer iwwerrecht gëtt.

Nei an der Lëtzebuurger Filmlandschaft soll d'nächst Joer eng Sitcom op RTL sinn, déi de Film Fund ausgeschriwwen huet. Eng Sitcom ass par définition komesch a setzt sech mat Humor a ville Pointen mat enger Situatioun, an déi e puer Charaktere verwéckelt sinn, ausernee, an ass komplett an engem Studio gedréit. Zréck geet dës Genre vun der Situationskomedie op amerikanesch *comedy shows* am Radio an den 1930er a 1940er Joren. D'Télee huet de Genre adaptéiert a strahlt d'Sitcoms als Serien aus.

D'lescht Woch war Asendeschluss an de Film Fund krut néng Dossiere vu Produktiounsfirmer a wëll schonn am Januar seng Reaktioun heirobber matdeelen. Gewosst ass just, datt déi grouss Lëtzebuurger Produktiounsfirma wéi Tilges, Iris, Samsa oder Delux matgemaach an zum Deel mat de selwechte

Sylvie Flammang

**Déi 12-deeleg
Téleesserie muss
op lëtzebuergesch
sinn a sech ëm
déi soziokulturell
Realitéiten an
einem Land
dréinen. Alles fällt
a steet mat engem
intelligenten,
weltoffene
Zeenario, mat
sprëtzen
Dialoger an
treffende Pointen.**

Zeenaristen zesummege schafft hunn, wat net verwonnert, weess een dach, wéi wéineg chevronnéiert lëtzebuergesch Zeenaristen et am Land gëtt, an datt eng Sitcom, wa se soll Spaass maachen, vill Pointen an eng dramatesch Handlung muss apaken. Déi 12-deeleg Tëleesserie muss op lëtzebuergesch sinn a sech ëm déi soziokulturell Realitéiten an eisem Land dréinen. Alles fällt a steet mat engem intelligenten, weltoffene Zeenario, mat sprëtzen Dialoger an treffende Pointen.

Am September 2011 ass op eiser nationaler Tëleeschaïne ze gesinn, wat fir eng bis anerhalef Millioun Film-Fund-Ënnerstëtzung erauskoum. ♦



Kulturchronik vum 20.12.2010